# MIR SICHE STUDENTEN*INNE FIR D'SUMMERVAKANZ!☀️

De Luxembourg City Tourist Office (LCTO) sicht motivéiert Studenten*inne fir déi beschten Zäit vum Joer: de Summer!☀️🕶️ Mell Dech gär wann s Du de richtege Student*in bass:⬇️

Deng Missiounen:

- Ekipp „Luxembourg Jackets – Ask me": Als mobil Touristinfo äntwers Du op all méiglech Froen a begleets eis Touristen esou ewéi eis Awunner duerch d'Summer Saison. „Wou ass de Panoramalift?", „Wou sëtzt eis Melusina?" oder och nach „Wat kann ech am Gronn entdecken?".

- Visites Guidéeën a Bureau d'Accueil: Du ënnerstëtz eis Servicer „Guided Tours" an „Information Desk and Hospitality – IDH".

Däi Profil:

- Student*in: Du bass Schüler*in oder Student*in mat enger gülteger Studentekaart (18-27 Joer al).

- Kënnege „Local": Passionéiert fir d'Stad Lëtzebuerg a seng méi wéi 1.000 Joer al Geschicht. Wou de nächste Velo'h steet weess Du natierlech och! 🚲

- Deng Sproochekenntnisser: Schwätz Du fléissend Franséisch, Däitsch, Englesch a Lëtzebuergesch? Genial !

- Oppenen a flexibelen Teamplayer: Du gees op d'Leit duer a schaffs gär mat Dengen Aarbechtskolleegen zesummen. „Teamwork makes the dream work." Ausserdeem adaptéiers Du Dech séier un nei Situatiounen. 💪🏼

Déi beschte Grënn fir bei den LCTO ze kommen:

- Interaktiven, oppene Kontakt mat den „Awunner op Zäit": Belsch, Däitschland oder USA. Eis Visiteure kommen aus alle Regioune vun der Welt.

- Frëndschaften: léier aner Lëtzebuerger Studente kennen.

- Vilfalt a Beweegung: souwuel um Terrain wéi och am Accueil, Däin Alldag ass ni den nämmlechten.

- Besser Sproochekenntnisser : „Wéi seet een nach méi Festungsmaueren op Englesch?" No Dengem Studentenjob bass Du nach méi fléissend a ville Sproochen.🗣️

- Stater Expert: beim nächste Besuch vu Frënn oder Famill kanns Du mat Dengem neie Wësse punkten.✅

Deng Demande:

- Schéck eis w.e.g. Däi kompletten Dossier era mat CV, Lettre de Motivation, an enger Kopie vun Denger Studentekaart.
- Deng Disponibilitéiten: 2 Periode si méiglech: 11.06.24–14.07.24 ODER 08.08.24–15.09.24
- Deadline: 05.04.24
- Den Dossier soll geschéckt ginn un: jobs@lcto.lu

Ënnerstëtz eis an eiser Missioun, dem Tourist en onvergiesslechen an aktive Summer an eiser Stad unzebidden. Mir freeën eis elo schonn Dech kennen ze léieren ! 😃☀️😃☀️

Luxembourg City Tourist Office a.s.b.l 30, Place Guillaume II, L-1648 Luxembourg | V.A.T. number LU 1562 1823 | R.C.S. Luxembourg F 754
Phone: (+352) 22 28 09 | touristinfo@lcto.lu | www.luxembourg-city.com | P.O. Box 181, L-2011 Luxembourg